Léif Keelefrënn,

Mat Bedaueren mussen TKS an Jugendkommissioun d' Demissioun vun de Jugendtrainer Jean-Marc an Colette Hoffmann zur Kenntnis huelen. Mir wëllen hinnen Merci soen, fir deen Asaz, deen si um Jugendniveau an de läschten Joren gewisen hunn.

Als Interimstrainer gouf en vue vun der Weltmeeschterschaftsvirbereedung de Chris Fuchs nominéiert. An enger éischter Phase wäert hien den Training op de Bunnen zu Eygelshoven leeden an den Virbereedungsplang on the road to Eygelshoven preparéieren. De Chris Fuchs wäert och definitiv zum Trainerteam bei der Jugendweltmeeschterschaft gehéieren.

De President vun der Jugendkommissioun krut d'Mandat, d'Gespréicher mat de méiglechen Kandidaten ze féieren. Wann den Nofolleger benannt gëtt, wäerten mir dat matdeelen.

Mat den beschten Gréiss

TKS an Jugendkommissioun.